obeler
fenneng:beetebuerg:
huncherenng
näerzeng

eis gemeng

# MOUNT VUN DE SENIOREN

## Programm 2025 / *Programme 2025*

**GRATIS**

An Zesummenaarbecht mam « Chancëgläichheetsservice an der Kommissioun vun de Senioren an der Inklusioun » vun der Gemeng Beetebuerg.

*En collaboration avec le « Service à l'Egalité des Chances et la commision des Seniors et de l'Inclusion » de la commune de Bettembourg.*

Donneschdes / *jeudi* 02.10.
**Kinoowend: 80 Plus**
19h00, Ciné Le Paris

Dënschdes / *mardi* 07.10.
**2. Editioun vum Beschte Seniore-Quiz am Duerf**
15h00, Festsall – Schlass Beetebuerg

Donneschdes / *jeudi* 09.10.
**D'Fleegeversécherung zu Lëtzebuerg / *L'assurance dépendance au Luxembourg***
15h00, Festsall – Schlass Beetebuerg

Freides / *vendredi* 10.10.
**Gaarden Dag - Zesumme fir eng Kreeslafwirtschaft / *Ensemble pour une économie circulaire***
13h00, Parc Jacquinot

Mëttwochs / *mercredi* 15.10. & 29.10.
**Keramik Atelier / *Atelier de Céramique***
14h00, Konschtpavillon / *Pavillon d'Art*

Dënschdes / *mardi* 21.10.
**Trëppeltour mam Fierschter duerch de Bësch / *Randonnée en forêt avec le garde forestier***
09h30, Bëschkierfecht

Dënschdes / *mardi* 21.10.
**Ausstellung mat Visitt / *Exposition avec visite guidée : Berthe Lutgen***
15h00, Galerie Maggy Stein

Freides / *vendredi* 24.10.
**Ausstellung mat Visitt / *Exposition avec visite guidée : Valérie Strecker-Steffen***
15h00, Foyer St. Elisabeth Bettembourg

Samschdes / *samedi* 25.10.
**Eng Foire fir Senioren : Aal ginn - aal sinn ? / *Foire pour seniors : vieillir ou être vieux ?***
14h00, KulTourhaus

Mëttwochs / *mercredi* 29.10.
**Concert Lidderuucht**
18h00, Festsall – Schlass Beetebuerg

Donneschdes / *jeudi* 30.10.
**Generatiounenforum / *Forum des générations* : Historikerin Dr Kathrin Mess**
17h30, de*Forum*

Freides / *vendredi* 31.10.
**Mobilitéits- a Chutepréventioun / *Mobilité et la prévention des chutes***
14h00, Kultourhaus-Mandolinesall

# Kinoowend: 80 Plus






Wir zeigen Ihnen die Komödie/Drama (95 Minuten) : 80 Plus. Helene (86) und Toni (70) sind grundverschieden. Geplant und durchgetaktet die Eine, impulsiv und spontan die Andere. Als sehr ungleiche Zweckgemeinschaft treten sie eine Reise zur Sterbehilfe in die Schweiz an. Doch ihr Roadtrip durch die Berge verläuft anders als geplant.

**Donnerstag** 02.10.

Ciné Le Paris

19h00 - 21h00

DE

**Umeldung / *Inscription* :**

+352 51 16 06-8001 deforum@elisabeth.lu

obeler fenneng:beetebuerg: huncherng näerzeng
eis gemeng

# 2. Editioun vum Beschte Seniore-Quiz am Duerf





No engem gelongene Start am Fréijoer geet eise populäre Quiz an déi zweet Ronn. An Ekippe bis zu 4 Leit kënnt Dir äert Allgemengwëssen a verschiddene Rubriken a Beweis stellen, Spaass a spannend Momenter si garantéiert. D'Participatioun ass gratis, mee Är Ekipp kann e flotte Präis gewannen! Keng Angscht: jidderee kann säin Deel bäi droen, fir dass d'Ekipp Erfolleg huet. Fir Gedrénks a kleng Schneekegkeete suerge mir natierlech och!

Kommt mat – maacht mat – a gewannt mat!

**Dënschdes** 07.10.

15h00 - 18h00

Festsall – Schlass Beetebuerg
13, rue du Château
L-3201 Bettembourg

Alain Schilling

LU

01.10.

**Umeldung / *Inscription* :**

+352 51 16 06-8001

deforum@elisabeth.lu

obeler fenneng:beetebuerg: huncherengn näerzeng
eis gemeng

# D’Fleegeversécherung zu Lëtzebuerg

## L’assurance dépendance au Luxembourg

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Administration d’évaluation et de contrôle
de l’assurance dépendance

***Wärend dëser Presentatioun kritt Dir déi néideg Informatiounen iwwert d’Fleegeversécherung. Uschléissend kennt dir är Froe stellen.***

- Wéini kann ech eng Demande bei der Fleegeversécherung maachen?
- Wéini ass eng Persoun „fleegebedierfteg“?
- Wat ass d’Prozedur fir eng Demande bei der Fleegeversécherung eranzereechen?
- Wéi gëtt d’Evaluatioun vun der Fleegesituatioun gemaach?
- Wéi eng Leeschtunge ginn iwwerholl?
- Wat gëtt am Beräich vun den techneschen Hëllefsmëttel an der Adaptatioun vum Logement iwwerholl?

***Conférence au sujet de l’assurance dépendance suivie d’un échange ouvert aux questions du public.***

- *A quel moment faut-il introduire une demande auprès de l’assurance dépendance ?*
- *Que signifie « être dépendant » ?*
- *Comment introduire une demande pour bénéficier des prestations de l’assurance dépendance?*
- *Comment se déroule l’évaluation de l’état de dépendance et des besoins en aides et soins ?*
- *Quelles prestations sont prises en charge ?*
- *Quelles sont les prestations prises en charge dans le domaine des aides techniques et des adaptations du logement ?*



**Donneschdes / *jeudi*** 09.10.

15h00 - 16h30

Festsall – Schlass Beetebuerg
13, rue du Château
L-3201 Bettembourg

LU *avec une traduction en français*

www.assurance-dependance.lu

Administration d’évaluation et de contrôle (AEC)

01.10.

**Umeldung / *Inscription* :**

+352 51 16 06-8001 deforum@elisabeth.lu

obeler fenneng:**beetebuerg:** hunchereng näerzeng
eis gemeng

# Gaarden Dag – Zesumme fir eng Kreeslafwirtschaft!

## Gaarden Dag – Ensemble pour une économie circulaire !




Kommt op en Nomëtten a gudder Ambiance, gewidmet dem Ënnerhalt, der Reparatur an dem Weiderbenotze vun ärem Gaardegeschier. Um Programm: Ateliere fir kleng Reparaturen an Entretien; d'Färderung vum Recyclage a kreativer Weiderverwendung; Tipps an Tricks vu Professionellen; Degustatioun vu lokale Produkter aus dem Jacquinotsgaart.

*Participez à une après-midi conviviale à l'entretien, la réparation et la réutilisation d'outils de jardinage. Au programme : ateliers de réparation et petits entretiens; valorisation du recyclage et du réemploi créatif; conseils de professionnels; dégustation de produits locaux du « Jacquinotsgaart ».*

**Freides / *vendredi*** 10.10.

13h00 - 18h00

Parc Jacquinot

Bréngt är Geräter mat / *apportez vos outils*
Weider Infos / *plus d'infos* : 26 51 05 76

CIGL – Centre d'Initiative et de Gestion Local Bettembourg a.s.b.l.

01.10.

**Umeldung / *Inscription* :**

+352 51 16 06-8001 deforum@elisabeth.lu

obeler fenneng:**beetebuerg:** huncherenG näerzeng
eis gemeng

# Keramik Atelier

## Atelier de Céramique



Entdeckt d'Freed um Schaffe mat Leem wärend engem Keramik Atelier an enger fréndlecher an entspaanter Atmosphär. Mat einfachen an zougänglechen Technike gitt Dir invitéiert fräi ze gestalten an eent eenzegaartegt Stéck mat ären eegenen Hänn ze kreéieren. Mellt Iech elo un, loosst ärer Kreativitéit fräie Laf, jiddereen ass wëllkomm, egal wéi vill Erfarung Dir hutt!

*Découvrez le plaisir de modeler la terre lors d'un atelier de céramique dans une ambiance bienveillante et détendue. À travers des techniques simples et accessibles, vous serez invité à créer librement et à façonner une pièce unique de vos propres mains. Inscrivez-vous dès maintenant, laissez libre cours à votre créativité, tous les niveaux sont les bienvenus !*

**Mëttwochs / *mercredi***
15.10. & 29.10

14h00 - 17h00

Konschtpavillon / Pavillon d'Art

08.10.

Apporter : tabléier, vêtements adapté au Atelier. Veuillez noter que lors de la cuisson des pièces, il existe un risque de casse. Ce sont les aléas du métier et l'artisan n'en est pas responsable

Estelle Georges - Psychologue certifiée en Art-thérapie, www.lapotiere-dedudelange.art

FR

**Umeldung / *Inscription* :**

+352 51 16 06-8001 deforum@elisabeth.lu

obeler fenneng:beetebuerg: hunchereng näerzeng
eis gemeng

# Trëppeltour mam Fierschter duerch de Bësch

Randonnée en forêt avec le garde forestier

MOUNT VUN DE SENIOREN



Mir starten eise Muere mat Croissant a Kaffi a ginn uschléissend e gemittlechen Trëppeltour mat eisem Fierschter duerch den Obeler Bësch. Kommt mat a genéisst eng interessant Entdeckungstour. Zesummen erliewe mir déi schéin Natur, kréie spannend Erklärungen zu Beem, Déieren a Planzen, kréien en Abléck an d'Aarbecht vum Fierschter an tëschenduerch bleift genuch Zäit fir flott Gespréicher ronderëm d'Natur.

*Nous commençons la matinée avec des croissants et du café, suivi d'une agréable randonnée en compagnie de notre garde forestier dans la forêt d'Abweiler. Venez profiter d'une visite découverte passionnante. Ensemble, nous profiterons de la beauté de la nature, recevrons des explications sur les arbres, la faune et la flore, découvrirons le travail du garde forestier et, entre-temps, nous aurons le temps d'échanger sur la nature.*

**Dënschdes / *mardi*** 21.10.

09h30 - 11h30

14.10. (max. 15 pers.)

Bëschkierfecht um CR163 tëscht Obeler a Leideleng / *Cimetière forestier sur CR163 entre Abweiler et Leudelange*

Jeff Wagener Fierschter / *garde forestier*

**Umeldung / *Inscription* :**

+352 51 16 06-8001 deforum@elisabeth.lu

obeler fenneng:beetebuerg: huncherng näerzeng
eis gemeng

# Ausstellung mat Visitt: Mir treffen d'Berthe Lutgen, éischt Laureatin vum Lëtzebuerger Konschtpräis (2022)

Exposition avec visite guidée : Nous allons rencontrer Berthe Lutgen, première lauréate du Prix Luxembourgeois d'Art (2022)




Déi Beetebuerger Kënschtlerin Berthe Lutgen stellt hir Wierker an der Galerie Maggy Stein an am Haff aus. Hir Aarbechten huele gesellschaftlech Sujeten op wéi Feminismus, Mënscherechter an Identitéit. Mir treffen d'Kënschtlerin fir eng speziell guidéiert Visitt, déi mat engem gemittleche Patt hire flotten Ofschloss fënnt.

De Vernissage vun der Ausstellung ass de 17. Oktober um 18h.

*L'artiste bettembourgeoise Berthe Lutgen expose ses œuvres à la Galerie Maggy Stein et dans la cour. Ses travaux abordent des thématiques sociétales telles que le féminisme, les droits humains et l'identité. Nous rencontrerons l'artiste lors d'une visite guidée exceptionnelle, qui se clôturera autour d'un verre convivial.*

*Le vernissage de l'exposition aura lieu le 17 octobre à 18h.*

**Dënschdes / *mardi*** 21.10.

Galerie Maggy Stein
13, rue du Château
L-3201 Bettembourg

15h00 - 16h30

14.10.

**Umeldung / *Inscription* :**

+352 51 16 06-8001 deforum@elisabeth.lu

obeler fenneng:beetebuerg: hunchereng näerzeng
eis gemeng

# Ausstellung mat Visitt: Valérie Strecker-Steffen

## Exposition avec visite : Valérie Strecker-Steffen

MOUNT VUN DE SENIOREN



D'Valérie Strecker huet 1274 Kanner an hirer privater Maternité zu Beetebuerg op d'Welt bruecht. Entdeckt de wonnerbaren a faszinéierende Parcours vun dëser engagéierter Hiewan. Duerch Fotoen, Objeten aus där Zäit, Temoignagen an Archivdokumenter erzielt dës Ausstellung d'Liewe vun enger Fra, déi hir Passioun dem Wuel vun de Familljen an dem Wonsch no engem gudden Ufank fir jidder Neigebuerene gewidmet huet. Eng intim Rees an d'lokal Geschicht an en Hommage un d'fundamental Roll vun den Hiewanen zu Lëtzebuerg.

*Valérie Strecker a mis au monde 1274 bébés à Bettembourg dans sa maternité privée. Découvrez le parcours inspirant de cette sage-femme engagée. À travers des photographies, des objets d'époque, des témoignages et des documents d'archives, cette exposition retrace une vie dédiée à l'accompagnement des familles et à la naissance. Une plongée intime dans l'histoire locale et un exemple du rôle essentiel des sages-femmes au Luxembourg.*

**Freides / *vendredi*** 24.10.

15h00 - 16h30

Foyer Sainte Elisabeth Bettembourg

23.10. Vernissage 16h00

Fabienne Michaux - sage-femme indépendante, et Lotti Stemper, chargée à l'égalité

17.10.

**Umeldung / *Inscription* :**

+352 51 16 06-8001 deforum@elisabeth.lu

obeler fenneng:**beetebuerg:** huncherreng näerzeng

eis gemeng

# Eng Foire fir Senioren: Aal ginn - aal sinn?

Foire pour seniors : vieillir ou être vieux ?

MOUNT VUN DE SENIOREN




**: Wou mir sëcher an zouversichtlech an déi drëtt Liewensphas starten**

Mir invitéieren Iech häerzlech op déi éischt Seniorefoire. E gemittlechen Nomëtteg fir Servicer, Aktivitéiten an Initiativen kennen ze léieren, déi speziell fir Senioren an hir Familljen ugebuede ginn. Mat nëtzleche Rotschléi, Aktivitéite fir d'Wuelbefannen a Fräizäit, an engem Austausch mat Associatiounen an Experten aus dësem Beräich. Kommt informéiert Iech, stellt är Froen a verbréngt eng flott Zäit an enger entspaanter Atmosphär!

**: Où nous entamons la troisième phase de la vie avec confiance et sérénité**

Nous vous invitons chaleureusement à la première Foire pour Seniors. Une après-midi conviviale pour découvrir des services, activités et initiatives dédiés aux seniors et à leurs proches avec des conseils et informations utiles, des activités bien-être et loisirs et un échange avec des associations et professionnels du secteur. Venez-vous informer, poser vos questions et passer un bon moment en toute simplicité !

**Samschdes / *samedi* 25.10.**

KulTourhaus

14h00 - 18h00

*Gratis / gratuit*

**Umeldung / *Inscription* :**

+352 51 16 06-8001

deforum@elisabeth.lu

obeler fenneng:beetebuerg: huncherenge näerzeng
eis gemeng

# Concert Lidderuucht Lëtzebuerg





D'Lidderuucht kënnt op Beetebuerg fir e flotte Concert!

Kommt a genéisst e musikaleschen Owend voller Folklore, Stëmmung an Emotiounen, wou traditionellt a modernt Liddergutt openeentreffen. Mat engem faarwege Programm vu Lëtzebuerger Lidder weist d'Lidderuucht hir ganz musikalesch Bandbreet an hier flott Kostümer. Kommt a lauschtert eng vun den originellste Chorallen aus dem Land. Matsangen ass onbedéngt erwënscht !

*La «Lidderuucht» arrive à Bettembourg pour un concert haut en couleur !*

*Venez passer une soirée musicale riche en folklore, ambiance et émotions, où chants traditionnels et modernes se rencontrent dans un programme varié. Avec ses costumes colorés et son répertoire luxembourgeois authentique, la «Lidderuucht» vous offre un aperçu unique de sa créativité et de sa passion. L'un des chœurs les plus originaux du pays vous attend, et chanter avec nous est plus que bienvenu !*

**Mëttwochs / *mercredi*** 29.10.

18h00 - 20h00

Festsall – Schlass Beetebuerg
13, rue du Château L-3201 Bettembourg

Transport fir Heem op Ufro méiglech / *Transport de retour sur demande possible*

22.10.

**Umeldung / *Inscription* :**

+352 51 16 06-8001 deforum@elisabeth.lu

obeler fenneng:**beetebuerg:** huncherreng näerzeng
eis gemeng

## Generatiounenforum: „den Zweete Weltkrich zu Lëtzebuerg – eng Vergaangenheet, déi net vergeet“

Forum des générations : « la Seconde Guerre mondiale au Luxembourg – un passé qui ne passe pas »



Wéi gouf an Ärer Famill iwwer d’Zäit vum Nationalsozialismus geschwat? Goufen et Verfollegter oder Matwierkender an NS-Organisatiounen? Wat hutt Dir selwer oder Är Familljememberen erlieft? Am Kontext vum 80. Joresdag vun der Befreiung vum Nationalsozialismus invitéiere mir op en Austausch iwwer perséinlech Erënnerungen, Familljegeschichten an d’Bedeitung vun der Vergaangenheet fir eis haut. Zesumme wëlle mir Erfarunge weiderginn, un d’Affer gedenken an d’Erënnerung lieweg halen.

*Comment la période du national-socialisme a-t-elle été abordée dans votre famille ? Y a-t-il eu des personnes persécutées ou engagées dans des organisations nazies ? Qu’avez-vous ou vos proches vécu à cette époque ? À l’occasion du 80e anniversaire de la libération du national-socialisme, nous vous invitons à un échange autour des souvenirs personnels, des histoires familiales et de la manière dont ce passé résonne aujourd’hui. Ensemble, transmettons ces expériences, rendons hommage aux victimes et faisons vivre la mémoire.*

**Donneschdes / *jeudi*** 30.10.

17h30 - 19h00

deForum

Partenariat Maison des Jeunes et de la Culture Bettembourg

LU/FR

23.10.

Historikerin Dr Kathrin Mess

**Umeldung / *Inscription* :**

+352 51 16 06-8001 deforum@elisabeth.lu

obeler fenneng:beetebuerg: huncherenng näerzeng
eis gemeng

# Mobilitéits- a Chutepreventioun

Mobilité et la prévention des chutes






Am Alter klëmmt de Risiko ze falen. Et ass allerdéngs méiglech esou Accidenter ze verhënneren oder wéinstens ze minimiséieren. Wisou klëmmt de Risiko vum Falen am Alter? Wéi kann ech mäin Doheem ëmgestalte fir méi sécher ze liewen? Wat kann ech selwer fir Übungen Doheem maachen? Wann dir Iech ugesprach fillt, sidd Dir häerzlechst agelueden op en Informatiounsmëtten, wou Dir Tipps a praktesch Übunge gewise kritt, déi Dir am Alldag ëmsetze kënnt.

*Avec l'âge, le risque de chute augmente. Il est toutefois possible de prévenir ce type d'accident. Pourquoi le risque de chute augmente-t-il avec l'âge ? Comment réaménager son logement pour vivre en toute sécurité ? Quels exercices puis-je faire moi-même à la maison ? Si vous êtes intéressé, nous vous invitons à une soirée d'information avec des conseils et des exercices pratiques que vous pourrez appliquer au quotidien.*

Freides / *vendredi* 31.10.

14h00 - 16h00

KulTourhaus - Mandolinesall

FR mat Iwwersetzung op Lëtzebuergesch

KineTeam Bettembourg

17.10.

**Umeldung / *Inscription* :**

+352 51 16 06-8001

deforum@elisabeth.lu

obeler fenneng:beetebuerg: huncherang näerzeng
eis gemeng